

Lëtzebuerg, den 7. Juli 2018

Resolutioun iwwert de Mënschenhandel

Kommissioun "Chancëgläichheet"

Introductioun

Eis Kommissioun huet sech am leschte Semester mam Thema "Mënschenhandel" befaasst. Dobäi hu mir festgestallt, dass dëse Problem en onsiichtbart Verbrechen ass, bal keng Statistiken existéieren an et am Allgemengen ënnerschätzt gëtt.

Dëst Thema ëmfaasst vill verschidde Beräicher, do geet et vu Prostitutioun bis Fleege, vu Botzfraen bis Restauratioun oder vu Clochard bis Speditioun.

Ënnert den Affer befannen sech zu engem groussen Deel Fraen, awer och Männer, souwéi Mannerjäreger. Zum Beispill, sinn am Joer 2016 10.000 Mannerjäreger an Europa verschwonnen¹.

Eis Kommissioun:

- ass besuergt doriwwer, dass de Problem bei eiser Gesellschaft oftmools onbekannt ass .
- weist dorobber hin, dass vill Affer sech hierer Situatioun net bewosst sinn
- ass héchst beonrouegt, dass d'Inspection des travaux et des mines (ITM), déi fir dëse Problem zoustänneg sinn, ënnerbesat a net passend ausgebild ass.

¹ <https://www.theguardian.com/world/2016/jan/30/fears-for-missing-child-refugees>

- hellt mat Suerg zur Kenntnis, dass d' Affer oft d' Sproch net beherrschen, dëst féiert oft dozou dass si sech net bei den offiziellen Autoritéiten verstännege kënnen, sou dass si keng Méiglechkeet hunn sech Hëllef ze sichen
- weist sech schockéiert, dass betraffen Affer deemno och kee Pass respektiv keng aner Pabeieren bei sech hunn.
- ass alarméiert, dass si net un de nationale Mindestloun ugepasst bezuelt oder guer net bezuelt ginn.
- hellt zur Kenntnis, dass Flüchtlingen méi ugräifbar fir Mënscheschmuggel sinn an doweint och méi geschützt missten ginn.
- erënnert, dass den neie Protokoll² vum Juni 2014 net ratifizéiert an nëmmen vun 11 Länner ënnerschriwwen ginn ass, obwuel et sech em eng EU-Rotsdecisioun gehandelt huet.

D'Jugendparlament:

- erwaart, dass Opmierksamkeet op de Problem gezunn an d' Populatioun opgekläert gëtt. Zum Beispill sollen déi lokal Initiativen, Kollektivitéiten an d' biergerlech Gesellschaft ënnerstëtzt ginn (z.B. Campagnen, Flyeren).
- fuerdert d' Bedriewung vu Lobbyismus fir d' Rechter vun den Affer (z.B. Ënnerschrëften sammelen).
- begréisst d' Ausbildung vu Leit, déi dann fir dës Problem zoustänneg sinn, virun allem fir den ITM. Déi sollten spezialiséiert ginn fir Mënschenhandel ze erkennen an iwwert de Problem opklären (z.B. Associatiounen, Police).
- verlaangt, dass d' European Citizen Initiative vum 9. Mee 2018 fir d' Problematik vum Mënschenhandel op d' Dagesuerdnung am Europaparlament gesat gëtt³.
- encouragéiert d' Opstellung vu Statistiken, fir dass een sech d' Ausmooss vum Problem bewusst gëtt.
- proposéiert, dass déi Leit, déi sech hirer Situatioun bewusst ginn, en Iwwergangspass kréien a si solle biometresch registréiert ginn.

² http://europa.eu/rapid/press-release_IP-14-995_en.htm

Dës Protokoll ëmfaasst e Plang fir gezwongen Aarbecht ze verhënneren, esou wéi d' Entwécklung vun enger nationaler Police an d' Informéieren a d' Beschützen vun potenziellen Afferen.

³ Eng ECI ka nemmen op d' Dagesuerdnung kommen, wann genuch Leit se ënnerschreibe, vu datt festgehalen ass datt d' Chamber nemmen iwwert eng Petitioun debattéiert wann een bestemmten seuil vu signatairenen ertreecht ass.

- erwaart, dass d' Hëllef fir Flüchtlingen europawäit entkriminaliséiert gëtt.
- fuerdert, dass Flüchtlingen schnell op de legalen Aarbechtsmaart integréiert ginn fir dass si sech net no Schwaarzaarbecht ëmkucke mussen.
- verlaangt europawäit d' Ratifizéierung vum Protokoll vu 2014.

Schlussfolgerung

Beim Wuert „Sklaverei“ denke mir all u verschidden EPOCHEN aus der Geschicht; sief et dat antikt Roum, d'Ausbeutung vun indigenen amerikanesche Vëlker oder d'Sklaverei an den USA. Mä wie vun eis denkt un de Restaurant zwee Haiser wieder d'Strooss erof? Wien denkt un d'Botzfra, déi beim Noper all Dag botze kennt? Un de Camionschauffer vun enger grousser Speditioun? Wuel déi wéinegsten.

An trotzdeem kennen all déi Leit, a nach vill méi, Affer vu Sklaverei sinn, oder wéi mir dat haut ausdrécken; vu Mënschenhandel. Sklaverei war nimools fort, se ass just an den Ënnergrond gaangen. Bon, mir wëssen alt dass dat existéiert, mä sécher net hei, net hei am wäit entwéckelte Lëtzebuerg? Laut Statistiken ginn et jo schliisslech „just“ 9 dokumentéiert Fäll.

A wéi grouss denkt Dir ass d'Donkelziffer? Wéi realistesch ass eng Statistik iwwer Leit ouni Pabeieren, iwwer Leit vun deene mir kaum wëssen dass se existéieren? Wéi realistesch ass eng Statistik iwwer Mënschen, deenen hire Problem kaum een interesséiert? Iwwer Mënsche, mat deene sech keng Wahle gewanne loossen, iwwer Mënschen, déi duerch hier miserabel Liewenskonditiounen eis Wirtschaft ënnerstëtzen?

Dat klenge elo zimlech zynesch, mä wat ass méi zynesch? Déi puer Zeilen hei uewendriwwer oder en EU Protokoll géint de Mënschenhandel, vu Lëtzebuerg mat ausgeschafft, 2014 geschaaf a bis haut just vun 11 EU-Staaten, Lëtzebuerg ausgeschloss, ratifizéiert? Et schéngt dass de Problem zwar wichteg genuch ass, e Protokoll driwwer ze kreéieren, ma anscheinend awer net wichteg genuch, fir dëse Protokoll och ze ratifizéieren.

Eis Kommissioun huet dëse Problem erkannt, a versicht beschtméiglech drop ze äntweren. Eis Resolutioun zielt op verschidde Problemer, dorënner d'Onbekanntheit vum Sujet an der Bevëlkerung, ma awer och de manque un Informatiounen a Leit fir de Problem efficace ze bekämpfen. Mir sinn iwwerzeegt, dass eis Resolutioun e Schrëtt an déi richteg Richtung, e Schrëtt an eng besser Liewenssituatioun vun den Affer vu Mënschenhandel ass. Wann och Dir der Meenung sidd, dass Mënschen nimools an ënnert kengen Ëmstänn dierfen ze enger einfacher Wuer verkommen,

besonnesch net an enger EU déi sech op Mënscherechter baséiert, da stemmt och Dir fir des Resolutioun.

Merci.